



Aerenzdallgemeng

Matdeelung vun der Aerenzdallgemeng am Kader vun den Artikelen 8 an 9 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwert den nationale Referendum

De Schäfferot,

Vu d'Demande vum Comité d'initiative vum 26. Juli 2022, déi de Premier- a Staatsminister de 27. Juli 2022 kritt huet, fir e Referendum iwwert d'Propositoun vun der Revisioun vum Kapitel IV an *Vbis* vun der Verfassung ze organiséieren ;

Vu d'Décisioun vum Premier- a Staatsminister vum 29. Juli 2022 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande ;

Vu d'Kommunikatioun vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, publizéiert an der Serie vum Memorial A vum 5. August 2022, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum ;

informéiert

d'Wieler, **déi d'Walrecht fir d'Chamberswalen hunn an déi an der Ärenzdallgemeng domiciliéiert sinn**, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Propositoun vun der Revisioun vum Kapitel IV an *Vbis* vun der Verfassung, déi an éischer Liesung den 13. Juli 2022 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, **andem si sech an de Lëschten aschreiwen, déi an der Gemeng vum 20. August 2022 bis den 13. September 2022 abegraff, opleien.**

Während dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougängelech:

Uert: Aerenzdallgemeng, 18, rue de Larochette L-7661 Miedernach.

Deeg an Zäiten:

- **Méindes, Dëschdes, Mëttwochs a Freides vun 8 bis 12 Auer a vu 14 bis 17 Auer ;**
- **Donneschdes vun 8 bis 12 Auer a vu 14 bis 19 Auer ;**
- **Samschdes vun 9 bis 11 Auer.**

Den Text vun der Propositoun vun der Revisioun vum Kapitel IV an *Vbis* vun der Verfassung kann op der uewe genannter Plaz an zu den uewe genannten Zäiten agesi ginn.

AVIS AU PUBLIC



Administration communale
de la Vallée de l'Ernz
18, rue de Larochette
L-7661 Miedernach



Tél. : 83 73 02-1
Fax : 87 96 65



secretariat@aerenzdall.lu
www.aerenzdall.lu



Aerenzdallgemeng

Fir d'Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtzen muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an **eng gülteg Pièce d'identité virweise kënnen**.

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimm a säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwunge kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d'Lëscht.

De Wieler deen duerch e physeschen Handicap net ënnerschreiw kann, däerf sech vun enger Persoun begleede loossen, déi a sengem Numm ënnerschreiwën däerf. Dës begleedend Persoun däerf kee kommunaalt, nationaalt oder europäescht Mandat bekleeden, si muss liesen a schreiw kënnen an däerf net gemäß de Bestëmmungen vum Artikel 6 vum ofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum d'Walrecht ausgeschloss sinn.

Et däerfen déi Wieler ënnerschreiwën déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschrëfte Sammlung op de Wielerlëschte fir d'Chamberwalen agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, mussen eng Décisioun vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit datt si d'Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dese Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheed oferkant kritt hunn, däerfe sech net un der Ënnerschrëfte Sammlung bedeelegen.

All Wieler däerf nëmmen eemol d'Lëscht ënnerschreiwën. D'Ënnerschreiwën am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

D'Ënnerschrëft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dese Wieler d'Demande fir d'Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.

Dës Demande ass nëmmen dann ugeholl, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.



Miedernach, den 11. August 2022

De Schäfferot,

André Kirschten, *Buergermeeschter*

Bob Bintz, Jean-Pierre Schmit an Eugène Unsen, *Schäffen*

AVIS AU PUBLIC



Administration communale
de la Vallée de l'Ernz
18, rue de Larochette
L-7661 Medernach



Tél. : 83 73 02-1
Fax : 87 96 65



secretariat@aerenzdall.lu
www.aerenzdall.lu